www.apfp.lu info@apfp.lu

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen,

Ab dem 6. Mäerz 2025 wäerten d'Beamten an d'Employéë vum ëffentlechen Déngscht hir Vertrieder an der Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics (CHFEP) wielen. Dëst ass e Schlësselmoment, fir eng staark a kohärent Verdeedegung vun eise Rechter, eisen Aarbechtskonditiounen an Zukunft vum ëffentlechen Déngscht ze garantéieren.

D'APFP stellt, mam **Romain Coner**, **Raymond Feiten**, **Claude Jans**, **Steve Klein, Kim Müller** a **Marcel Pletschette**, och 6 Kandidate vir d'Wale vun der CHFEP. Et ass enorm wichteg, dass och déi ënnescht Karriären an der CHFEP vertruede sinn, an esou d'Interesse vun eise Karriären do eng Stëmm hunn. Dofir biede mir Iech, d'Lëscht 3 vun der CGFP an der APFP ze ënnerstëtzen.

Romain Coner

Raymond Feiten

Claude Jans

Steve Klein

Kim Müller

Marcel Pletschette

www.apfp.lu info@apfp.lu

Firwat d'CGFP wielen?

• Eng exklusiv Verdeedegung vun de Beamten an Employéë vum ëffentlechen Déngscht: Am Géigesaz zu aneren allgemenge Gewerkschafte setzt sech d'CGFP nëmme fir d'Interesse vum ëffentlechen Déngscht an.

• Eng unerkannt Legitimitéit an Afloss: Mat enger onëmstriddener Erfarung an Expertise ass d'CGFP de privilegéierte sozial Partner am Dialog mam Staat.

• Konkret Resultater: Mir hu bedeitend Verbesserunge vun den Aarbechtskonditiounen erreecht a staark statutaresch Garantië geséchert. Och an Zukunft wäerte mir mat Entschlossenheet d'Rechter vun alle Beamten an Employéë verteidegen.

Eng Wiel fir d'CGFP – Lëscht 3

D'Kolleege vun der Lëscht 3 sinn direkt vun dëse Wale betraff. Är Stëmm ass extrem wichteg, fir sécherzestellen, datt är Vertrieder mat vollem Engagement är spezifesch Interessen an déi vun allen Agenten am ëffentlechen Déngscht verdeedege kënnen.

Mir ruffen Iech op, d'Kandidate vun der APFP an der CGFP ze ënnerstëtzen, déi sech säit jeehier mat engem onbestreitbarem Engagement, bewäertem Fachwëssen a festem Wëllen fir d'Verdeedegung vun ären Aarbechtskonditiounen an ärer berufflecher Zukunft agesat hunn.

Wielt de 6. Mäerz, fir Konsequenz, Zouverlässegkeet an eng effizient Verdeedegung vun den ëffentleche Beamten an Employéën, d'**Lëscht3**!!

Wielt fir d'Kandidate vun der APFP an der CGFP!

Zesumme si mir staark!!

Gilles ECKERT

President vun der APFP